N°3630
Entrée le 10.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.02.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

Gëschter huet den *European Milk Board* kommunizéiert, dass den europäesche Mëllechsecteur sech an enger Präiskris befënnt. An enger Rei vun EU-Memberstaate sinn d'Verkafspräisser an de leschte Méint esou staark gefall, dass d'Produktiounskäschten net méi gedeckt sinn. Landwirtschaftsverbänn fuerderen dofir d'Aktivéiere vum Instrument vum fräiwëllege Liwwerverzicht op EU-Niveau.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäert Lëtzebuerg sech op EU-Niveau fir d'Aktivéierung vum Instrument vum fräiwëllege Liwwerverzicht oder aner Moossnamen asetzen, a falls jo, a wéi enger Form?
2. Wat fir konkret Moossnamen si national virgesinn, fir d'lëtzebuergesch Betriber an dëser Situatioun ze ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés